

Gudde Moien, Dir Damen an Dir Hären,

Mir si 5 Première Schüler aus dem Maacher Lycée a géifen einfach mol mat enger Fro ufänken: Firwat sti mir haut hei virun iech?

Just well eise Proff dat esou decidéiert huet ...

Oder just well mir eis um läschten Dag Vakanz doheem gelangweilt hunn...

Nee, mir sinn haut hei, well eis eppes kloer ginn ass! Dat wat virun iwwer 70 Joer an Däitschland, a groussen Deeler vun Europa an och hei zu Lëtzebuerg geschitt ass, ass leider keng Vergaangenheet méi, mee haut erëm méi wéi aktuell!

Dofir ass et wichteg d'Aan opzemaachen a sech kloer ze ginn, wouhi verschidden Iwwerleeungen a politesch Iddie kënnen féieren! Aus dem Grond si mir d'läscht Joer am Abrëll zesumme mat eise Klassekomeroden an dat eemolegt KZ Sachsenhausen bei Berlin gefuer. Well néierens kann een dee Message besser verstoe wéi beim Besuch an engem eemolege Konzentratiounslager... e vun de Piliere vun der Nazi Ideologie.

Alles Quatsch sot dir elo!?! D'Nazi Ideologie ware krank Iddien aus den 30er a 40er Joren! Fräiheet ass haut e Mënscherecht an dat wat 1933 bis 45 gelaf ass, ass haut net méi de Fall? !? Mee da passt elo mol op! Mir huelen Iech elo mat ob eng Rees ronderëm d'Welt am Joer 2019!

Wat Thema **Rassismus** betrëfft, do ass e séier fäerdeg! Et brauch e kee Vergläich fréier an haut! An den USA hëlt déi Republikanesche Partei Spende vum Kuckkucksklan un, an Däitschland sëtzt AfD am Bundestag, a Frankräich de Front National scho laang, an Ausländer si souwisou jo ëmmer gären de Sënnebock... Kee Kommentar!

Fréier huet d'Gestapo alles a jidderee kontrolléiert, duerno war et an der DDR d'Stasi ...

Haut huet déi amerikanesch NSA iwwert déi nei Technologien Zougrëff ob jidderee vun eis... Wikileaks a Snowden hunn eis do genuch Material geliwwert!

Et geet einfach riicht weider, wéi wann ni eppes geweecht wier ... d'Staatsapparaten a bal all de Länner hunn eis ënner Kontroll.

Dat bréngt eis dann och zum nächste Punkt: **d'Presse a Meenungsfräiheet:**

Den 22. Februar 1943 gëtt d'Sophie Scholl ermort well et regimekritesch Flyere verdeelt huet.

De 25. Februar 2018 gëtt de slowakesche Journalist Jan Kuciak ëmbruecht, well hie kritesche Journalismus bedriwwen huet.

Zoufall? Nee! A Mexiko si säit 2010 méi wéi 50 Medievertrieder verschleeft an ëmbruecht ginn an de Fall vum Welt Reporter Denis Yücel dee ouni Grond, wéi iwwert 100 weider Journalisten an der Tierkei am Prisong stutz, ass och jidderengem bekannt. Saudi-Arabien an de Fall vum Journalist Jamal Khashoggi ass nach eng ganz aner Liga ...

Thema Ëmsiidlung a Sippenhaft

D'Siidlungspolitik war e gängegt Mëttel vun der NS Germaniséierungspolitik am Westen. Ganz Famille si vu Lëtzebuerg aus an den Osten ëmgesidelt ginn, well se an den An vun den Däitschen e Risiko duergestallt hunn oder hier Jongen net wollten an der Wehrmacht kämpfen. Zäitgläich sinn däitsch Bierger zu Lëtzebuerg ugesidelt ginn, fir de Lëtzebuerger Terrain endgültig däitsch ze maachen.

Haut 2019 sollen an den USA déi sougenannten Dreamers, jonk Leit déi an den USA gebuer sinn awer net déi amerikanesch Nationalitéit hunn, an dat vir si onbekannte Land vun hire Virfaren ëmgesidelt ginn. A Nordkorea ass d'Sippenhaft fir politesch Gefaangener nach gängeg Politik an d'Regierung an Israel verstéisst géint internationaalt Recht a probéiert hautdesdaags duerch eng illegal Siidlungspolitik dat besaten palestinensescht Westjordanland fir sech ze gewannen.

Zum Thema Konzentratiounslager

Däitschland, 1936-1945, ech zitieren: „Der Begriff Konzentrationslager steht ... für die Arbeits- und Vernichtungslager des Naziregimes. [...] Sie dienten der [...] Beseitigung politischer Gegner, der Ausbeutung durch Zwangsarbeit [...] und der Internierung von Kriegsgefangenen.“ Ech hunn am Abrëll zu Sachsenhausen an am Oktober och zu Auschwitz gesi wat dat bedeit huet!

Nordkorea, 2019: Ënnert der Bezeichnung Kwan-li-so versteet een, ech zitíiere „Internierungslager zur dauerhaften Unterbringung politischer Gefangener oder politisch unzuverlässige Personen.“ Kommentar iwwerflësseg!

Am Nordweste vu China sinn haut eng Millioun Menschen ouni Geriichtsuerteel a sougenannten Umerziehungslager inhaftéiert. Dëst just well si de muslimesche Glawen hunn. Dës Lager si per Gesetz offiziell erlaabt, an hei heescht et, ech zitíieren nach eemol: "*Durch ideologische Erziehung gegen Extremismus, psychologische Behandlung und Verhaltenskorrekturen soll die Transformation der Insassen gefördert werden [...].*"

An och fir eist nächst Thema kenne mir gär a China, dem groussen Handelspartner vu Lëtzebuerg bleiwen: **Thema Parteiverbued an e Eeparteiesystem.**

Den 14. Juli 1933 léisst den Hitler all Parteien an Däitschland mat Ausnam vu senger NSDAP verbidden.

China 2019: Säit der kommunistescher Victoire am Biergerkrich 1949, gëtt et an deem Land just eng Partei! Bäi Kritik ass e ganz séier am Prisong, wéi zum Beispill de chinesesche Friddensnobelpräis Laureat, Liu Xiaobo.

A vu Russland an der Tierkei schwätze mir elo hei besser net.

Zum Schluss kommen ech dann nach zur Fro, wéi steet et allgemeng haut mam **Thema Ënnerdréckung vu Mënschen a Reliounen?**

Am der Nazi Zäit si Mënschen déi eng Behënnerung haten, anescht waren oder enger Minoritéit ugehéiert hunn, systematesch ënnerdréckt an/oder vernicht ginn: Sinti a Roma, homosexuell Mënschen, Mënsche vu jiddescher Relioun ... Dat hu mir an de Konzentratiounslager méi wéi däitlech bäibruecht kritt.

An haut...? An Zentralafrika ginn Albino gejoj an ëmbruecht, just well sinn anescht ausgesinn. A Russland gëtt ëffentlech Juegd ob Homosexueller gemaach, am Mali gi Chrëschten zur Flucht gezwongen, am Myanmar gi muslimesche Gleeweger ugegraff an an Däitschland ass den Antisemitismus nach ëmmer verbreet.

A leider sinn och Gëftgas a chemesch Waffen 2019 ëmmer nach e Thema ... (Paus)

Dir gesitt also mir, d'Jugend vun haut, ass awer net esou ignorant wéi se oft gemaach gëtt. Mir gesinn a mierken wat alles esou schif leeft an der Welt. Mee elo awer genuch mat all de Problemer a Politik a Gesellschaft vun haut.

Ob der Journée Nationale de la Résistance si mir virun allem zesumme komm fir deene Lëtzebuerger ze gedenken an och fir déi Mënschen ze éieren, déi ënnert der Nazioccupatioun net just d'Fauscht an der Täscher gemaach hunn, mee aktiv géint de Besatzer an d'Ënnerdréckung resistéiert a sech gewiert hunn.

Hir Motivatiounen konnten wuel verschidde Grënn hunn, mä eng Gemeinsamkeet haten sinn all: Si hunn alleguer fir dat wat richtig ass agestanen, obwuel dat mat grouse perséinleche Verloschter verbonden, a schlussendlech hinnen och ganz oft den Doud bruecht huet.

D'Schicksal vun den 23 Resistenzler déi de 25. Februar 1944 zu Hinzert am Bësch erschoss gi sinn, genau esou wéi déi 33 Jongen déi zu Sachsenhausen ermueret gi sinn oder all anere Mënsch deen an de Joren 1940 bis 1945 säi Liewe fir seng Heemecht, seng Famill oder seng Frënn huet misse loossen, mäschtt een traureg a betrafft.

Mä et gëtt engem och Mutt an Hoffnung! Well Mënschen et awer fäerdeg bréngen, trotz sou grousser Ongerechtegkeet, Ënnerdréckung a Gefor hiren Iwwerzeegungen a Wäerter trei ze bleiwen. Doranner sinn si eis bis haut e Virbild a mir wäerten si ni vergiessen.

Mir soen iech Merci!